LSAP

N° 4591
Reçue le 01.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.07.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2021

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Direkt nom éischte Lockdown am Fréijoer 2020 gouf decidéiert, d'Schouljoer 2019/2020 net méi an Trimester, mee a Semester ze organiséieren. Dëst sollt den Drock aus der Schoul huelen, e. a. d'Zuel vu Prüfunge reduzéieren; vill méi sollten d'Léierréckstänn opgeschafft ginn, déi wärend dem Homeschooling entstane sinn.
Och d'Schouljoer 2020/2021 ass fir sämtlech Klassen am Enseignement Secondaire a Semester organiséiert ginn.

An deem Zesummenhang well ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Wéi ee Bilan zitt de Minister vun der Schoulorganisatioun a Semesteren? Wéi ass de Feedback vun de Vertrieder vu Léierpersonal, Schüler an Elteren?
- Gëtt och d'Schouljoer 2021/2022 a Semester ofgehalen? Wa jo, gëllt dat da just fir den Enseignement Secondaire oder och fir den Enseignement Fondamental? Wat bedeit dat konkret fir déi concernéiert Acteuren?
- Envisagéiert de Minister, laangfristeg ganz op eng Organisatioun a Semesteren ze wiesselen? Wa jo, wat wieren d'Avantagë fir de Schoulunterrecht?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4591 vun der honorabeler Madame Deputéiert Francine Closener

D'Schoulorganisatioun a Semesteren ass am Kader vun der sanitärer Kris agefouert ginn, notamment mam Zil, de Schoulstress ze reduzéieren. Aus deem Grond ass de Semesterrhythmus och vu sämtleche Schoulpartner allgemeng begréisst ginn. Et goufe vereenzelt Réckfroen oder Onsécherheeten zu der Zuel an der Verdeelung vun de Klassenaarbechten, sou datt dëse Punkt nach eng Kéier preziséiert ginn ass.

Och d'Schouljoer 2021-2022 wäert no Semesteren organiséiert ginn, dëst mat Ausnam vun der "voie de préparation", wou d'Schoule selwer kënnen decidéieren, ob si no engem Trimester- oder Semesterrhythmus wëlle funktionéieren. Den Enseignement fondamental allerdéngs wäert och weiderhin no Trimesteren organiséiert ginn.

Op verschiddene Klassen a vereenzelte Schoulen ass d'Organisatioun no Semester elo schonns d'Reegel. Zudem soll am Laf vum nächste Joer am Kader vun enger breet ugeluechter Consultatioun mat alle Schoulpartner de Sujet vun der Schoulorganisatioun no Trimesteren oder no Semesteren nach eng Kéier thematiséiert ginn; eréischt da fält d'Decisioun, wéi et mat der zukünfteger Schoulorganisatioun allgemeng weidergeet.